Invitatioun fir u menger Etude iwwert Spronggelenksverletzungen am Handball deelzehuele 🥅

📢 Handballspiller:innen gesicht! 📢

Moien alleguer,

Ech féieren de Moment eng wëssenschaftlech Etude iwwer d'psychologesch Auswierkunge vu Spronggelenksblessuren op d'sportlech Leeschtungsfäegkeet an d'Spillbereetschaft vu Lëtzebuerger Handballspiller:innen duerch. Dës Fuerschung ass Deel vu mengem Masterprojet a soll hëllefen, besser ze verstoen, mat wéi enge mentalen a funktionellen Erausfuerderunge verletzt Spiller:innen konfrontéiert sinn.

🎯 Wien ka matmaachen?
✔️ Aktiv Handballspiller:innen (ab 18 Joer) aus der AXA League an der Promotioun (1. & 2 Dammen- & Härenekippen).
✔️ Mindestens eng medezinesch diagnostizéiert Spronggelenksblessure an de leschten 3 Joer.

📝 Wat erwaart Dech?
De Froebou dauert ongeféier 5-10 Minutten an enthält Froen zu denger Verletzungsgeschicht, denger aktueller sportlecher Leeschtungsfäegkeet a méigleche psychologeschen Aspekter wéi Beweegungsangscht oder Spillbereetschaft.
🔗 Hei ass de Link zum Froebou: https://usnst9o1mzh.typeform.com/to/xHw0mvr0

🔒 Dateschutz & Anonymitéit:
All Äntwerte ginn anonym gespäichert an diskret behandelt. D'Donnéeë ginn ausschliisslech fir wëssenschaftlech Zwecker genotzt.

🤾 🤾 Firwat solls Du matmaachen?
Deng Participatioun hëlleft net nëmme menger Fuerschung, mee ka gläichzäiteg dozou bäidroen, nei Erkenntnisser iwwer d'Rehabilitatioun an déi psychologesch Ënnerstëtzung am Handball ze gewannen!

📩 Falls du Froen hues, kanns du mech gäre kontaktéieren.

Ech freeë mech iwwer all Participatioun a wann s Du de Froebou an Dengem Team weidergëss! 💪 🔥

Villmools Merci & sportlech Gréiss
Jil Reiter